## Schlusswuert vun der Fraktiounsspriecherin

Vill wichteg Punkte sinn op den Dësch komm. Merci fir d'Erklärungen an d'Äntwerten. Et ass wuel kloer, datt de Projet vum Altersheem deen ass, deen déi nächst Jore vill Sue wäert kaschten. Mee mir mussen oppassen, net op de falsche Plazen ze spueren an ze vill Raum anzespären, fir méi Zëmmeren ze gewannen an domat Liewensqualitéit ze verléieren. Och wann dëst e wichtege Projet ass, muss opgepasst ginn, datt aner Projeten net drënner leiden an ze kuerz kommen. Well éier dat de Fall ass, solle mir bereet sinn, e Prêt opzehuelen.

E Masterplang mat Infrastrukture ass gutt. Och do wiere mir frou, wann et esou wäit ass, *au courant* gesat ze ginn.

Och wann mir als CSV an der Oppositioun sëtzen, probéiere mir, eis Iddien mat anzebréngen. Mir si keng Oppositioun, déi sech aus Prinzip bei allem queesch stellt. Mir ënnerstëtzen déi Projeten, déi eis sënnvoll a gutt erschéngen fir d'Entwécklung vum Duerf. Mee de Kär an d'Importenz vu verschiddene Projeten ass net ëmmer dat, mat deem mir eis als CSV kënne identifizéieren. Eis Prioritéite si anerer.

Mir wieren frou, heiansdo e klengen Update ze kréien, wou verschidde Projeten oder Etüden drun sinn – einfach fir ze wëssen, wat leeft, well och mir kréie vill Froen dobausse gestallt. Mir setze weiderhin op Demokratie an Transparenz an eng fair Zesummenaarbecht a probéieren, weiderhin eng konstruktiv Oppositiounspolitik ze maachen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a wënschen Iech, dem ganze Gemengepersonal an alle Bartrenger ganz schéin Chrëschtdeeg an e gudden a virun allem gesonde Start an dat neit Joer.